N°2547
Entrée le 02.07.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 03.07.2025
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 01/07/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.**

An de leschte Woche koum et um Findel zu Fluchausfäll wéinst Problemer mat der Landepiste. D'Landepiste gouf eréischt 2022 Stéck fir Stéck sanéiert, ma Lux-Airport huet an engem Pressecommuniqué gëschter geschriwwen, dass d'Landepiste ëmmer erëm reparéiert muss ginn an een Zweiwel huet, ob d'Stabilitéit vun der Piste laangfristeg garantéiert ass. Et wéilt ee géint d'Baufirmen, déi hei aktiv waren, eventuell och rechtlech virgoen.

"*Für die umfassende Sanierung war ein internationales Baukonsortium zuständig, das Lux-Airport mit der Ausführung der Arbeiten beauftragt hatte. Es besteht aus den Unternehmen Colas Projects, Felix Giorgetti, C. Karp-Kneip Constructions, Colas Belgium, Colas France und JDC Airports." (Tageblatt, 30te Juni 2025).*

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Kann d'Ministesch Detailer dozou liwweren, wat genee mat der Landepist net an der Rei ass?
2. Sinn d'Aarbechten gutt gemaach ginn oder hunn d'Baufirmen hei eng schlecht Aarbecht geleescht?
3. Kann ausgeschloss ginn, dass elo iwwert d'Summervakanzen weider Flich wéinst der defekter Landepist annuléiert ginn?
   Falls net, wéi eng Alternative si geplangt Ustuerm u Passagéier ze bewältegen?
4. Wäert d'Ministesch och d'Autobunnsopfaahrt zu Steebrécken op d'Stabilitéit iwwerpréifen, vu dass hei déi selwecht Baufirma täteg war, ewéi bei der Renovatioun vun der Landepiste um Findel a fir esou Problemer am Viraus z'evitéieren?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten